adr ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP N°3588

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 07:34, 08/02/2021

Mamer, de 5. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister, un den Här Schoulminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Den 3. Februar war den Här Minister Kox Invité vun der Redaktioun beim RTL-Radio a sot am Kontext vum Dout vum deem jonke Bouneweger, dee vun engem Mannerjäregen ëmbruecht ginn ass, datt d'Gewalt e Phänomen ass, deen am Kader vun der Covid-Pandemie an d'Luucht gaangen ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Leien der Regierung Zuelen an/oder Statistike vir, déi dës Aussoen ënnermaueren?
2. Wéi dacks ass an de leschten 30 Joer ee Mënsch vun engem Mannerjäregen ëmbruecht ginn, sief et duerch Doudschlag oder duerch Mord?
3. Leien der Regierung Informatioune vir, ob et scho jeemools virkomm ass, datt e Schüler vun engem Schoulkomerod aus dem selwechte Lycée ëmbruecht ginn ass?
4. Wéi vill Gewaltakte géint Persounen sinn an de leschten zéng Joer, opgeschlësselt no deenen eenzele Joren, vu Mannerjäregen ausgaangen? Wéi vill dovu si mat engem Messer begaange ginn?
5. A wéi ville Fäll ass an de leschten zéng Joer, opgeschlësselt no den eenzel Joren, d'Police geruff ginn, well um Territoire vun engem Lycée ee Schüler duerch e Gewaltakt verletzt ginn ass?
6. Wéi vill mannerjäreg Awunner sinn an de leschten zéng Joer , opgeschlësselt no deenen eenzele Joren, wéinst Gewaltdote géint Persounen vun engem Geriicht verurteelt ginn?
7. Wéi vill mannerjäreg Net-Awunner sinn an de leschten zéng Joer, opgeschlësselt no den eenzele Joren, zu Lëtzebuerg vun engem Geriicht verurteelt ginn?
8. An der Zäit ass d'Police reegelméisseg, deelweis e puer Mol am Dag, iwwert de Parking vum Bouneweger Lycée gefuer, "fir Presenz ze markéieren". Gëtt dëst nach ëmmer gemaach? Ass a verschiddene Lycéeën däitlech méi Gewaltpotenzial ze erkennen, ewéi an aneren? Wa jo, ëm wéi eng Lycéeën handelt et sech hei? Gëtt dëst vun der Police an iergendenger Form festgehalen? Ginn et an deem Kontext Zuelen an Informatiounen aus de Lycéeën, z.B. am Hibléck op disziplinaresch Moossname wéinst Gewalt géint eng aner Persoun?

9. Den Här Policeminister huet am Radio-Interview dervu geschwat, datt "mol an der Vergaangenheet Gruppéierungen openeen getraff sinn". Kann den Här Minister dozou weider Erklärunge ginn? Sinn der Police Gruppéierungen (respektiv Banden) bekannt, déi alt mol "openeen treffen"? Sinn der Police déi Jugendlech aus dëse Gruppéierunge bekannt?
10. Wéi geet elo de Policeminister konkret géint d'Gewalt ënner de Jugendleche vir?
11. Wéi eng Moossname kann d'Police ergräifen, fir déi Jonk besser viru Gewalt ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

.

Luxembourg, le 08 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3588 du 05.02.2021 de Monsieur le Député Fred Keup - Violence parmi les mineurs

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés